# D'Geschicht vum Jean Watry a sengem Soldbuch



De Jean Watry ass 1921 gebuer an eng Famill vu Lëtzebuerger an der Stat. Hien goung an d'Aldrénger Schoul an d'Primärschoul an huet dono eng Léier als Coiffeur bis zur Gesellen- a Meeschterprüfung gemaach.

Hien huet eng jonk Dame kennegeléiert, déi am nämmlechten Vëlosclub war wéi hie selwer, d'Marie Bornong, seng spéider Fra.

Wärend der Besatzung hunn all jonk Meedercher vu 16 Joer un, misste 6 Méint an den Arbeitsdéngscht an Däitschland goen. Dowéinst hunn sech de Jean an d'Marie 1941 bestuet, well als bestuete Fra huet een nämlech net missten den Déngscht untrieden.

D'Marie an de Jean kruten e Puppelchen: d'Ginny.

1942: Gauleiter Gustav Simon huet decidéiert, datt all jonk Männer vum Joergang 1920-1925 missten an d'Wehrmacht goen als Zwangsrekrutéierteren. Et koum zu Opstänn, déi awer brutal néiergeschloe goufen. Och de Jean hat dee passenden Alter. De Jean hätt konnte fortlafe fir op London ze kommen, awer da wieren seng Mamm, seng Fra a säi Kand an Däitschland deportéiert ginn. Dat wollt en awer net, an ass dofir an de Krich gaangen.

Drill an un d'Front a Russland. Do huet en een Halsschoss erwëscht; et huet een däitschen Offizéier hie vun der Front eweggezunn, an an d'Lazarett bruecht. Et war e glaten Duerchschoss, sou datt näischt Liewenswichteges verletzt gi war. Dunn ass et zeréck an de Weste gaangen.

Op der Sauer an Däitschland zu (Lüneburg?) sinn se marschéiert an uewen op der Kopp stoung een amerikanesche Panzer. Se sollten all an Deckung. De Jean ass an eng Ruin eragesprongen an huet sech do verstoppt a gewaart bis alles roueg war. Du hunn zwee däitsch Zaldoten hie fonnt an hien huet hinne gesot direkt vis à vis wier seng Heemescht, seng Fra a säi Kand, an hien wéilt näischt aneres wéi heem goen. En huet deenen zwee Zaldoten nach d'Hoer geschnidden, si hunn him hier Rescht Zigarette ginn an du sinn se gaangen. Dunn ass de Jean bäi d'Amerikaner eriwwergelaf.

Awer hien haat jo nach di daitsch Uniform un, an du hun d'Amerikaner ugehol, hien wäer een Spioun an hun hien su richteg zermiwwelt. En huet refuséiert Daitsch ze schwätzen, an huet just op Lëtzebuergesch an Franséisch geschwat, a probéiert mat deem bessi Englesch wat hien konnt, zurwee ze kommen. En hat schrecklech Duuscht an huet dat probéiert ze kommunizéiren: Den amerikaneschen Zaldot huet e Glas mat Waasser gefëllt, et virun sain Gesiicht gehalen an et ratsch viru senger Nues ausgeschott. Doropshin as de Jean an

d'amerikanesch Gefangenschaft komm, an e konnt erem heemkommen wi d'Regierung vu Lëtzebuerg Pour-Parler’en fir d'Jongen ageluecht huet.

DES LID STAMMT AUS DER GEFANGE-
SCHAFT AN GET GESONG OP D'MELODI
LËTZEBÜRG DEM LËTZEBÜRGER
COMPIÈGNE MARZ ABREL 1945

1) Vun dohem hu mir must goen
vun der Mamm voll Suerg a Led
well d,Barbaren ons gezwongen
un ze doen dat preisescht Kled;

2) Ger hu mir jo net verloßen
ons lewt schent kleng Hemechsland
dach mir rechen allegueren
onser Großherrzogin d,Hand.

3) An der Friemt an der Kaseren
de eng hei de aner do,
ke fun ons mecht dät jo geren
daß fir ons de schrecklechst Plo.

4) Honggrebh ,dreckech durch an durch
dach mir fügen onsjo ger
well et kennt fu Lezeburg
oft e Bref e Pack ~~erbei~~.

5) Musse mir och dan ant Feier
fällt och en aus onser Rei
mir erkafen d,Freiheet deier
Lezeburg du ges rem frei;

6) Lewe Herrgott du do uewen
heer du onst groest Gebet
loß rem blenken ons drei Fuerwen
iwer onsem ~~schene Stedt~~.
schenen Heem

AM JULI 1943 SIN ECH WÉI MENG ANER LEZE-
BUERGER KOMERODEN A DEITSCH ARME GE-
ZWONGE GIN. D'SOLDBUCH DAT WAR DEN PER-
SÉINLECHEN WEHRPASS. DÉI ZWÉI TELLER,
DE LEFFEL AN D'MESSER HUN ECH MIR AN
DER AMERIKANESCHER GEFANGESCHAFT
FIR MECH ZE BEKESCHTEGEN GEMACH.
DAT STÉCK STOFT OP DËM KLENGEN TELLER,
WEIST D'KROUN, DÉI DREI FAARWEN, ROUT-
WÄIS A BLO, AN D'BUSCHTAFEN „FL„ FIR FREI
LËZEBUERG. DÉI ÉISCHT ORGANISATIOUN FUN
LEZEBUERGER JONGEN AN DER GEFANGESCHAFT
MIR HUN ONS DAT ZEECHEN ALL SELWER VUN
WOLLFIEDEM GEMACH, AN UM LENKEN
AREM GEDROEN.

Sai Kand (d'Ginny) huet en nëmme kannt, well säi Schwoer reegelméisseg Fotoe gemaach huet an him déi iwwer Post zoukomme gelooss huet. Kuerz nodeem hien zeréck war, ass d'Ginny un Diphterie gestuerwen, well an der Krichszäit kee Penicillin opzedreiwen war.

De Jean huet ni iwwer de Krich geschwat. Sai Jong de Marcel, mäi Papp, huet ëmmer erëm als jonke Kärel gefrot, wat do deemools lass war. D'Äntwert vum Jean war ëmmer déi nämmlecht: « D*u kanns dat net verstoen, wat do war.* »

Eréischt 2 Méint ongeféier viru sengem Doud, huet de Jean sengem Jong all dëst, wat ech iech elo schreiwen, gezielt. An en huet schrecklech gekrasch. Hien muss e schrecklechen Trauma säi ganzt Liewe mat sech gedroen hunn, awer hien huet ni een et spiere gelooss, e war ni verbattert an en huet ni béiss iwwert iergendeen geschwat.

Denke mer un all di Jongen, déi dat nämmlecht an änlesch Schicksaler hu missen erleiden.

Sandy Watry